Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. September 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Den 18. September, just puer Deeg nom Start vun den neie Grenzkontrollen duerch eis däitsch Noperen, huet en däitsche Policebeamte vis-à-vis vum Lëtzebuerger Wort ausgesot, datt et schonn zu éischten Zréckweisungen op der Grenz komm wier. Dat, obwuel dës Moossnam am Kader vun den aktuelle Kontrollen nëmmen an Ausnamefäll virgesinn ass.

De 4. Juli war zu engem Tëschebilan vun de Grenzkontrollen, déi wärend der Fussball Europameeschterschaft ofgehale goufen, am Tageblatt ausserdeem ze liesen, datt am Zäitraum vum 13. Juni bis de 4. Juli bei den däitsch-lëtzebuergesche Grenzkontrollen 133 Persounen identifizéiert gi wieren, déi d'Viraussetzung fir eng Arees an Däitschland net erfëllt hätten. Nëmme bei zwou Persounen hätt et sech ëm Hooligans gehandelt, déi eng direkt Gefor am Zesummenhang mam Sport duergestallt hätten. Vun deenen 133 Persoune wieren der 110 un der Grenz zeréckgewise ginn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Policeminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi vill Leit goufen am Kader vun den däitsche Grenzkontrollen, souwuel iwwert de Summer wéi aktuell insgesamt un der Lëtzebuergescher Grenz zeréckgewisen?
2) Deelt déi däitsch Police hire Lëtzebuerger Kolleegen d'Identitéit an d'Ursaach fir d'Zréckweisung vun deene betraffene Persoune mat?
3) Am Fall, datt eng Persoun iwwert e legalen Openthaltsstatus am Schengeraum verfüügt, gëtt et normalerweis keng rechtlech Grondlag fir dës zeréckzeweisen. Hunn dës Persounen also och zu Lëtzebuerg kee gültege Statut gehat? Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert ënnert wéi engem Statut déi eenzel Leit sech zu Lëtzebuerg opgehalen hunn?
4) Wéi eng Prozedur trëtt op Lëtzebuergescher Säit a Kraaft, wann sech erausstellt, datt eng Persoun, där d'Arees an Däitschland verweigert gouf, sech virdrun och hei am Land illegal opgehalen huet?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten